Pir KREMER

EIST LAND

Minettskoppen, Ginsebierger,
sonnduerchglousste Riewenhäng.
Fielsechlässer, Ritterbuergen,
däischter Kasemattegäng.
Festungstirem, Risebrécken,
friddlech Dierfer, propper Stied.
Knubbleg Stroossen, heemlech Weeër,
enk a wëllromantesch Pied.
Einfach Mënschen, freedeg Fester,
Quetschendrëppen, Muselwäin.
Kille Béier, defteg Mäifel,
an dat Hënnescht vun dem Schwäin.

Grouss Geschäfter, nei Gebäier,
Banken, wou der gitt a stitt.
Autobunnen, Musterschoulen,
an am All e Satellit.
Aalt Gemäier, nei Fassaden,
bal op jidder Eck e Gruef.
Zackeg Pompjee'n, lëschteg Sänger,
eng flott Musek an all Duerf.
Festivallen, Baurekiermes,
D'Schuberfouer an d'Mumm Séiss.
Gaardebounen, Fierkelsjelli
an eng Jatte gekachte Kéis.